

# 61<sup>e</sup> séance

## Jeudi 10 juillet 1997

Présidence

M. Jean Spautz, Président

M. Jos Scheuer, Vice-Président

### Ordre du jour

1. Dépôt de deux projets de loi
2. Projet de loi 4237 fixant les modalités de nomination des maîtresses de jardin d'enfants aux fonctions d'instituteur de l'éducation préscolaire et des maîtresses d'enseignement ménager aux fonctions d'instituteur d'économie familiale (*Discussion générale - Suite - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion*)
3. Projet de loi 4018 portant approbation du Protocole additionnel à la Convention européenne d'entraide judiciaire en matière pénale, signé à Strasbourg, le 17 mars 1978 (*Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
4. Projet de loi 4081 modifiant certaines dispositions du code civil, du code de procédure civile, du code d'instruction criminelle et de la loi sur l'organisation judiciaire (*Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
5. Dépôt d'une proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés - N° 4333
6. Projet de loi 4274 concernant la création de comités d'élèves auprès des lycées et lycées techniques et la création d'une conférence nationale des élèves issue de ces comités (*Rapport de la Commission de l'Education nationale et de la Formation professionnelle - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi*)
7. Projet de loi 4303 modifiant et complétant l'article VI de la loi du 31 juillet 1995 relative à l'emploi et à la formation professionnelle (*Rapport de la Commission de l'Education nationale et de la Formation professionnelle - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi*)
8. Question 12 avec débat de M. Eugène Berger relative aux résultats d'évaluation du Conseil d'orientation orientant les élèves de l'enseignement primaire vers l'enseignement secondaire
9. Projet de loi 4324 modifiant la loi du 3 juin 1994 portant création du régime préparatoire de l'enseignement secondaire technique (*Rapport de la Commission de l'Education nationale et de la Formation professionnelle - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi*)
10. Naturalisations
11. Proposition de loi 4323 relative à la modification de la loi du 18 mars 1997 portant réglementation des services de taxis (*Rapport de la Commission des Transports - Lecture du texte de la proposition de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
12. Projet de loi 4274 (*Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
13. Retrait du rôle de la Chambre des Députés de la proposition de loi 4099
14. Projet de loi 4303 (*Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion*)
15. Projet de loi 4324 (*Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
16. Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 1995 - N° 4320 (*Rapport de la Commission des Comptes - Discussion générale - Vote*)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Jacques F. Poos, Vice-Premier Ministre ; MM. Robert Goebbels, Alex Bodry, Mme Erna Hennicot-Schoepges et M. Michel Wolter, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.33 heures)

**M. le Président.** - D'Sitzung as op. Huet d'Regierung irgendwelch Kommunikatiounen ze maachen ?

(Assentiment)

Den Här Ausseminister Jacques F. Poos huet d'Wuert.

### 1. Dépôt de deux projets de loi

**M. Jacques F. Poos, Ministre des Affaires étrangères, du Commerce extérieur et de la Coopération.** - M. le Président. J'ai demandé la parole pour faire le dépôt de deux projets de loi.

Par arrêté grand-ducal du 29 juin 1997, je suis autorisé à déposer à la Chambre des Députés

- le projet de loi 4331 portant approbation de l'Accord-cadre interrégional de coopération entre la Communauté européenne et ses Etats membres, d'une part, et le Marché commun du Sud et ses Etats Parties, d'autre part, signé à Madrid, le 15 décembre 1995, et

- le projet de loi 4332 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Pologne sur la sécurité sociale, signée à Varsovie, le 1<sup>er</sup> juillet 1996.

**M. le Président.** - D'Châmber hält Akt vum Dépôt vun denen zwee Projets de loi. Déi Projeté gi weidergeleet un de Staatsrot an un déi zoustänneg Kommissioun.

Mir fuere weider mat der Diskussioun vum Projet de loi 4237 iwwer d'Kindergärtnerinnen. D'Wuert huet den Här Robert Garcia als leschten ageschriwwene Riedner.

## 2. Projet de loi 4237 fixant les modalités de nomination des maîtresses de jardin d'enfants aux fonctions d'instituteur de l'éducation préscolaire et des maîtresses d'enseignement ménager aux fonctions d'instituteur d'économie familiale (Suite)

### Discussion générale (Suite)

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Als sechste Riedner zu esou engem Projet leeft een natirlech d'Gefor, datt een ëmmer déi selwecht Saache seet an dofir limitéieren ech mech op déi Saachen, déi hei nach nët esou ernimmt gi sin, ausser där enger Saach, déi och scho gesot gin as, an zwar wëll ech der Mme Nelly Stein félicitéiere fir hiren excellente Rapport, dee quasi de gesamten Historik bis op e puer kleng Detailer près, déi ech da wärd completéieren, gemaacht huet.

Ech wëll als Introduktioun dräi méi allgemeng Remarque maachen.

Ech fannen et, wéi och schon deen een oder deen anere Virriedner, lamentabel, dass mer an der Edukatiounskommissioun während aacht Méint mat kengem eenzege legislative Projet befaasst gi waren an elo op eemol véier Projeten an engem Dag mussen evakuéieren, déi och nach iwwer de Knéi gebrach sin, wéi den Här Berger et och schon a senger Interventioun zum Ordre du jour gewisen huet.

Déi meescht vun dese Projeté concernéiere leider Personalfroen amplaz d'Contenuën, woubäi ech fannen, dass oft déi Personalfroen eigentlech kéinten op eng aner Manéier geléist gin, wéi onbedéngt an endlosen Démarché vun de Concernéierten. Ech kommen nach dorop ze schwätzen.

Déi drëtt Remarque as déi zäitlech Andelung vun den Aarbechte vun der Kommissioun. Mir hätten et ganz gutt fond, wa mer an der Kommissioun hätte kënne verschidde Projeté prélabel diskutéieren. Ech huelen d'Beispill vun dem Projet iwwer d'Formation continue, wou ech genau wéi mäi Kolleg Berger nach keen Text ze gesi kritt hun. Dofir hu mer awer schon d'Avië vun der Berufschamber gelies. Et as e bësse cocasse, dass een als Parlamentarier vun enger Edukatiounskommissioun fir d'éischt d'Avië liest, ier een iwwerhaupt emol en Text vun engem Projet ze gesi kritt.

Nun zum Projet selwer. Den Här Berger huet zimlech den Historik gemaacht. D'Mme Stein och. Et as eng endlos Geschicht, wann ee bedenkt, dass et 23 Jor gedauert huet, bis dass dee Projet vun där Geschlechtsëmwendung vu Maitresse de jardin d'enfants an Instituteur d'éducation préscolaire iwwer d'Bühn gaangen as.

1991 gouf eng Formation spéciale fir déi concernéiert Fraë virgesinn. A säit 1992 gouf et e Règlement grand-ducal, deen déi Formatioun organiséiert huet. Fénnef Jor während denen 188 vun denen 217 Concernéierten déi Formatioun matgemaacht hun. Während där Zäit hu se Milliarde Bittgänge misse maachen, fir ëmmer erëm ze rappeléieren, dass hir Situatioun an der Schief war. Wann een awer an der Kommissioun wéi och an anere Gremien déi Problematik ugeschwat huet, dann huet een dee berühmte Lëtzebuerger Schaumgummiswandsyndrom gehat, nämlech dass ni een de Leit offe weist, dass en nët interesséiert as un hirem Fall, mä hinnen ëmmer erëm jo

seet, an ëmmer nickt, bis dass de Fall op eemol a Vergiessenheet geroden as.

Besonnenesch déi falsch Interpretatioun, déi vun dem Minister vun der Fonction publique gemaacht gin as, dee gemengt huet, et géif sech hei ëm eng Gehälterrevisiounsaffär handelen, huet natirlech dee Projet zousätzlech blockéiert.

Wann ech zréckblécken : viru genau engem Mount gouf et um Ordre du jour vun der Châmbre keen eenzege Edukatiounsprojet. Den Här Berger huet et scho gesot. Ech wëll nët soen, dass dat elo eise Mérite as, mä zumindest hu mir als gréng Fraktioun missen e Brëif schreiwen, fir dass iwwerhaupt nach d'Kommissioun zu deem heite Fall zesummekomm as.

Si as zesummekomm den 11. Juni - also genau virun engem Mount - an an där Kommissioun as gesot gin : Wësst Der, Här Garcia, et as ganz fein, dass Dir ëmmer erëm dee Problem do oprullt, mä mir waarden op den Avis vum Conseil d'Etat. Dun as vun der Oppositioun gesot gin, sot dene Leit vum Conseil d'Etat, dass se endlech missten en Avis zu deem Projet maachen. De 24. Juni effektiv as deen Avis komm an dun as glécklecherweis de Steen oder « eng Steen » un d'Rulle komm an dee Projet as zu engem Enn gefouert gin.

Ech fannen et ganz flott, dass mer zu engem glécklechen Enn komm sin no 23 Jor Démarchen, mä ech muss awer wierklech insistéieren, dass et humiliant as fir déi concernéiert Leit, dass se sech mussen d'Bee stompech lafen, fir eigentlech Droitën, déi scho säit laangem acquis sin, unerkannt ze kréien.

Et as och schon hei gesot gin, dass dat hei keen Eenzelfall as, an dass déi Angscht virun där Lawin, déi nach kéint kommen, Stéchwuert Educateuren, natirlech an enger Hisiicht berechtigt as, mä et handelt sech am Fall vun den Educateuren och nët ëm e Fall vu Gehaltsopbesserung, mä einfach vun der Reconnaissance vu Karriären.

Ech muss soen, dass ech eigentlech eng Motioun virbereet hat, fir dass et an deem Dossier hei sollt weidergoen. Ech hu mer awer soë gelooss, dass sech do regirungsintern nach e puer Klärungsgesprécher géingen opdrängen, well anscheinend do deen een oder anere Minister nët esou richtig am Bild as oder war, ëm wat et am Fall vun den Educateuren geet. Dofir wëll ech déi Motioun e bëssen en retrait halen. Wa bis zur Rentrée näischt passéiert as, wärd ech déi erëm erauszaubern.

Ech fannen, déi allgemeng gefasste Motioun vum Här Berger, déi kënnt all Fraktioun ënnerstëtzen. Eis Fraktioun wärd déi op alle Fall ënnerstëtzen.

Op alle Bänken as eng allgemeng Zefriddenheet, dass déi endlos Geschicht endlech zu engem Enn kënnt. Ech wëll trotzdem vun der Geleënheet profitéieren, fir eng allgemeng Remarque ze maachen iwwer dat Spannungsverhältnis tëscheint engersäits der Unerkennung vun Diplomer an anerersäits der Unerkennung vu geleeschten Dénsgschjoren ouni eventuell dee géegenten Diplom an der Weiterbildung oder Formation en cours d'emploi. Dat as fir mech e Spannungsverhältnis, wat vläicht an denen nächste Joren zu enger Dominant an der Edukatiounspolitik wärd gin.

Traditionell hate mir am Enseignement eng relativ einfach Situatioun. Déi Leit, déi do wollte Schoul halen, déi hun en Exame gemaacht. Si hun eventuell nach e Stage gemaacht a si hun dann eng Carrière plane gehat bis zu hirer Pensionnéierung.